Goldherz: O Evelyne, wo' bleiwssde nemmen....komm dach se'er komm...
We'get et mir...mei Kapp ass mir so'schwe'er...dât richt
eso'stark---O Gott;ech si'verhext:::ech si ganz dronken...
a muss schlo'fen...schlo.....fen....

Hex: Hähähä.Ech hun dech schon gedölleg kritt mei Schôf :-Dén Doft vun déne göftege Kreider ass him an de Kapp gekolmm..lo wés et net me'wat him geschitt..hoppse'er fort,datt kén eppes geseit .....hähähä...

(d'bleiwt eng Mimutt ro'eg op der Bühn)

Evelyne: (rifft)Goldherz---G oldherzchen.Wo'soll et da nemmen stiechen? 2 Stinnen hun ech schon gesicht a kann mei Goldherzchen net fannen.Ech sin eso'midd a we'gejôt .... né d'kann neischt dengen,ech muss nach emmer weider s sichen...Schutzengel fe'er du mech bei mei Goldherzechen weis mer de Wé,adtt e h et fannen kann...D'wärd him nescht geschitt sin,da könnt ech mi mi fro' sin,könnt dach ni né hannescht goen op d'Schlass....nén d'wär net auszedenken.-We'konnt ech och net besser op hat uecht gin.- Do war eng Fra' am Bösch de'huet Pilze gesammelt,an de' wollt wessem op eis Prinzessin dann och eso' le'w wär , we' d'Leit genge so'en,an op mir zwe'n all Dag so'sche'n spaze'erem gengen.Ech hu mech dun eppes gemengt,-a ma we'ech mech nom Goldherzchen ömgerdret hun,du war et mée do.De ganze Bösch hun ech durchstriewt,all Ruffen an all Sichen war ömsoss...O Goldherzchen...Goldherzchen...Ma Ma wât gesin ech hei...hei sin jo Trött...ganz grosser si net,an och butzeg klenger.Hei war mei Goldherzchen,- ma wén war da bei em..huet én hat vleicht entfe'ert, fortgechleft?..O Herrgott vill le'wer wellt ech stierwen we'datt der Prinzessin e Léd geschitt.
We' gett et deischter schon a spét(BElichtung)Wat soll ech nemme machen?Hém goen op d'Schlass an mir Höllef sichen,nén,nen eleng derf ech mech net do weisen...A wann d'Prinzessindann dohém scho wier?...O nén ech hu eng Angscht,an dé lesst mech neischt guddes ahnen...da muss ech d'Nuecht am deischtere Bösch verbrengen...o könnt ech mech dach nemmen do't kreischen...O Goldherzchen,Goldherzchen...(setzt sech a kreischt ,geschwönn drop kommen 2 Wichtelcher)

Drulli: Hei ass et ..lues...do op der Bänk,dat Médchen...o wé et kreischt...lôss mrr et net erschrecken.

Struppi: Dât aremt Kând.Kuck wann ech we'sst,wien him so'wé gedon hätt.

Drulli: Lues som ech der.Ass deh Tuddli net mat der Lahterdo?

Struppi: (rifft)Hé Tuddli,wo'stechs de nemmen?Komm se'er lîchten.

Tuddli: Hei..ei sin ech jo.Wo..wo'brennt et dann?

Evelyne: (Kuckt op an erschreckt) Oooooo...

Drulli: Dât gleicht iech zwén.---Färt met mei Kand.Mir hun dech he'erem we'meren a klôn ,a mir si komm,fir dir ze höllefen.

Evelyne: O wat e Gleck.Dann sôt mer gleich,dir le'w Wichtelcher, hu dir d'Prinzessin Goldherz net gesin ?

Drulli: D'Prinzessin Goldherz..nén...wésst du eppes dervun,so ale Srtuppes?

Srtuppi: Nén,eng kleng Primzessin hun ech nach net am Bösch gesim.

Tuddli: Ech...ech awer och net.

Evelyne: Och kén vun iech.O,dann hun ech all Mutt verluer,datt ech mei Mutt verluer,datt ech mei Goldherzchen erem nach fannen.

Drulli: Nujé,nujé...net gleich verzôt .Erziehl ons le'wer we' dat gong,-vleicht könne mir dann hellefen.

Evelyne: Et ass meng Schold,ech hat et am der Hand gelôss,hât domm getôtzt,am Platz op mei Goldherzchen opzepassen,..du war et hopp a fort.,de ganze Bösch sin ech durchlaf all Trausch an Heck go'f önnersicht...d'könnt alles neischt dengen, d'Goldherzchen wor verschwonn.O,Wichtelcher,könnt dir verston we' ech so'def ongleckleck sin.Dir könnt...dir musst mir hellefen.

Drulli: Hmmm wann's du eso'domm babble muss.

Struppi: Jé,téin dach nèt,du hues och eng gudd Schmabbel.Hm,hm..Dat do ass gelungen Geschicht.Mir striewen dach uechter de Bösch,a n hätten der Prinzessin dach misse begeinen, .......

Tuddli: E..ech lafen de Kinnek dat do,alles melden,a..an dann.......

Struppi: E besschen lues hei,Klengen,mir gi mat,-nujé hal mat dengem Kreischen op ,wann d'Goldherzchen nach am Bösch a ss da fann mir et schén,wat mengste Tuddli.. ?

Tuddli: Ma..ma ma..klor...

Drulli: Mir kenne ronderöm all Wé a Sté,-so'guer der âler Spannenhex hirt hémlecht Heisgen.

Evelyne: Wat se's de do?Eng.H ex...

Srtuppi: Jo eng Hex.-Ma lauschtert dé wärt d'Goldherzchen dach net gestuel hun.-Da nn huel dech awer an uecht du alt Ongeheier

Drulli: Ech mengen,ech mengen,..hopp se'er fort bei eise Kinnek, dé wéss ganz bestömmt e gudde Rôt .

Struppi: (zum Evelyne )Kamm,du géé mat-hei an dé m deischtere Bösch kanns du d'ganz Nuecht net bleiwen.

Drulli: Jo komm.Bei on kriss du e gudd möll t Bett an och eng ware Zöppchen.

Tuddli: Ma..ma..jo gewöss.

Evelyne: We' mengt dir et eso' gudd mat mir,dir le'w Wichtel,cherdir hutt mir neien Mutt gemât .Jo ech gi gär mat iech,da gött nach alles gudd.-O,Herrgott,merci.Du hues mer dé brav Wichtelcher gescheckt,datt si mer mei Goldherzchen erem fannen. . . . . . . . .

— . — . — . — . — . — .

## 2. Akt.

BUHN:Hêxekeller,ro'd belficht,e Spannra'd,eng Bäncklechen,an Eck Stré

Goldherz:Hopp Riedchen,se'er,se'er.Dausend Meter lang,huet d'Hex gesôt misst dese Fuedem gin,an duerf keng énzeg Ke'er of mir reiss sen.Wann ech dann fèrdeg sim,da kann ech hém bei d'Mama goen O se'er,se'er,da brauchs du net mé lang ze krieschen kleng Mameli..an de Papa,an d'Evelyne och net,ert Goldherzchen

ass jo geschwenn ren do.-an da léft och nie mé fort, so nén d'bleiwt ömmer, ömmer bei iech.—Hopp, Riedchen, hopp, hopp. D'kann dech neicht mé dengen, wanns du elo midd wells gin.. Du kriss keng Ro'a keng Rascht..well dausend Meter, dat ass lâg.an d'Goldherzchen wär gären se'er fèrdeg. Lauschter, wé könnt..ech he'eren Trött, ech he'erem Schlössselen rabblen.-Dat wert wuel d'Hex ren sin..lo könnt si lûssen, op ech fleisseg sin...o se'er, se'er, Riedchen se'er se'er.

Hex: Hähähä.Wat mecht nei kle nge Villchen?-Je wé verstänneg, a wé brav.-Hei bass du och gudd versuergt, hähähä, ech brengen dir hei dei Kascht:Eng Fräschbritt mat Eilene'er.

Goldherz: O villmols merci, ech si guer net hongreg.

Hex: Oho, du wölls, du wölls e spatzen Möndchen machen..hähä, hei get et keng gebrôden Deiwercher an och ké selwer Porzelein Lôss du et stoen, meng Môd...muer gés du secher drun, an iwermuer dann lecks du dir schons d'Fangere derno..hähä..ma du schaf schaffs jo we' klorosen..déi fei Fengerchre gin dir nach krepeleg a kromm..du sés jo guer neischt?Nach emmer e besschen tockeg, we?(goldherzchen wenkt nén)A mechs du mir de' Arbecht och ganz sche'n?

Goldherz: O jo, nach net émol ass de Fuedem mir durchgerass...

Hex: Hähähä...häda weis emol hir(kuckt an dat nennst du Arbecht Dé Fuedem ass ze deck ← ...do (reisst durch)

Goldherz: Nén, nén, ....o wat hut dir gemât O Mama.....

Hex Hei wé empfindlech a wé bés...et ass elo aus mat der Prinzessin...an d'héscht sech hei gekuscht an hei pare'ert.-Da fänks du eben muer erem fresch un mat Spannen :(gapst) AAAA ech si schlefreg.Da lôsse mer eis strecke goeh.-dach muss ech nach fir d'escht all dîre gudd veredelen, datt dat schént Kendchen net entwescht.An hé'ers de d'get och Zeit fir dé kleng Kanner...muer kucks de dann mé frendlech dran, ..soss ..pass op meng Môd...a n drém hent sche'n...hähä...

Golherz: O, wat eng bés an abscheilech Hex.-(kreischt)Si huet de Fuedem durchgerappt, da war jo all meng Arbecht haut ömsoss ...a n dobei huet sie nach eso' ellen hart gelacht...soll s sie dât all Dâg eso' man?-O Mama, Papa, da könnt ech iech jo nie mé erem gesin,-könnt nie mé spillen mat mengem Evelyne ..Sin ech da ganz verlôss?Muss ech vu Léd hei stierwen?Ass guer kén do dé mir kann hellefen...guer kén?—(kreescht ganz erbärmlech)Du Herrgott bass jo emmer.(falt d'Hänn) O kuck erof op mech, dein âremt, verlossend Kand ... ech hu gefélt, hu net gefollgt, an hun dodurch vill Léd a Suerg gemât ...ech hun et batter scho gebesst...wei geng ech et gär och gudd erem mâchen.-O Herrgott, mach datt d'Hex Erbarm mat mir huet...datt sie mech net zu Do'd pengegt.... Wei a ss et mir gleich eso' licht.-Ass dat, dass du mir soe wolls, ech soll Vertrauen hun, Hergott...o jo, vertrauen fest op Dech, da get nach alles gudd...Lo lén ech mech schlo'fen duer a fenken muer ma t freschme erem un ze spannen.Fir d' escht elo' nach mei Nuetsgebied, we's du et mech gele'ert hues, le'w Ma ma (kne't nidder)

Kuck Jesus ech hun dech so gieren,
mein Hierzchen verla ngt no Dir
we'sche'n wa mir Briddercher wieren

o sén mech an hellef mir bieden,
ech wöll brav a gudd ömmer sin,

a sén all dé,dé Léd a Suergen
meng Hénecht,an all de'de'dra sin.

Ech hun Dir so' oft we' gedoen,
O Jesus et det mer léd,
Du hues dofir d'Kreiz misse droen
O hätt ech dach nie dât gemét.

O sén an hellef mer biedenówé 2. Str.)

oder Gebied :Owes wann ech ...

Goldherz mecht d'Kreiz,léd sech nidder,schléifft.---Engelcher ma t gefâlten Bänn stellen sech lues am Halleftkrés em d'Goldherzchen op a sangen:Es geht durch alle Lande...setzen sech iwerdém,-no der 3. Strophe sét den eschten Engel:

Schlof gudd,mei Kand.
Du hues dem Herrgott ugeruff,
Hien helleft dier,
Bei him ass Troscht an neien Mutt,
vertrau durfir,

Déi Léd,da t dauert net mé lang,
mein hierzegt Kand,
deng Mama hält dech fro' am Arm,
dem Evelyne Récht d'Hand.

A mach was du gefé lt rem gudd
durch dei Bedron,
datt nie dein Engelchen nach muss
sech je beklo'n.

(DéEngelcher gin of a sangen iwerdém dé 4. Strphe)

Goldherz: (erwecht)Wei war dat sche'n.Weiss Engelcher hun ech am Dra Dram gesin.Wann et wär wat sie versprach hun...o Mama,wann wo'er wär...Wéi ass net nach eso'deischetr,-ass d'Nuecht da nach met öm?-O wär ech dach net wackreg gin,-et war so schéin,so schéin,..Hu well ass et mir kâl,ech hun och neicht fir mech gudd zozedecken.O Mama,wanns du wéisst, datt dei Goldherz hei Kélt an Honger ausstön muss,..: wéi hues du mech all Owes wârem a geduckelt.Nén,nén,.. ech well net kloen,..nach se'er weider schlo'fen an erem so' sche'n dre'men vun déne le'wen Engelcher.....

(t'lét sech nidder.-Geschwönn drop he'ert é vu fèren)

Struppi Goldherzchen.Goldherzchen.

Goldherz: A wât ass dat?Hun ech schon erem gedrémt?nén,nén,ech si ganz wâkereg,d'huet é mech geruff...hun ech vleicht nemmen eso'gemengt?

Struppi: Golherzchen.Goldherzchen.

Goldherz: Lo schon erem.Mé deitlech nach wé d'emecht...O Gott,wât wöllt dat soen?Do war et do(sprent zur Seit ,wo'Störm hannert der Bühn hirkuem)

Struppi: (méi hart)Goldherzchen,so'mer se'er,bass du do?

Goldherz: Jo,Jo , hei sin ech agespârt.O,so'mer gleich,wé'bass du ba ss du nemmen?

Struppi: De Srtuppi , é klengen Wichtelchen.

Goldherz: O' lewe.le'we Wichtelchen,ogéi net fort an hellef mir.

Goldherz : Antrippeltrappel ass hien fort.-O wât eng Fréd,wât e grasst Gleck.Kleng Wichtelcher hu mech entdeckt.H ues du sie dann hei hi gewies,Schutzengelchen,..o merci,merci dausendmol. Wann si de' Wé'lo fannen vir erem,a wann si éns gin mat der decker Mauer..,
Wat he'erenech?Sie kruvele schon,-O Gott wéi sin ech fro' (lauschtert)wat si sech dru gin,de' léiw Wichtelmänner... Wann d'Hex dann elo erwche geng?O mén dat dèrf net sin, a menger Angscht a Suerg well ech bieden:
(knéit) O Herrgott,du kenns jo mei gro'sst Lésd,
hue d'Wichtel gescheckt mech ze retten,
o mach datt elo alles zum Gudde gét.
a loss de' bés Hex net erwechen.

Ech hun net gefollgt,ech wâr wé gewzôt
wéi hun ech an d'Léd s'all gedriwen.
Scheck du mir , Herggott,Deng helleg Gnod,
datt ech rem gudd därf mân dât Iwel-

(Klappen an Hummeren könnt emmer mei no)

Stbuppi: (vu baussen) O Jong,wéi gét dat schwe'er.

Drulli : Jé gef dech net,lo si mâr gleich eso' weit-

Struppi: Mir léft de Schwéss scho vun der.Stîr .

Goldherz:O wann ech iech dach hellefe könnt.

Struppi: Ge' du mol lussen op dé al Hex na ch schnarcht!

Drulli: O hei lo si mer durch...bonjour du kleng Prinzessin,

Goldherz: Dir gudd le'w.Wichtelcher,we' sih ech iwergleck1ech.

Struppi: A mir erescht.....wât mengs de',âlen Drulleș.

Drulli: An eisen Kinnek dann,an da t klengt Evelyne.

Goldherz: Mein Evelyne...Ma wéi,ass d'Evelyne nach hei am Bösch?

Drulli: Majo gewöss.D'huet eso' gekrasch,bis mir him versprach hun dech ze retten,.

Goldherz: Da loss mer s e'er lafen,soss kreischt et sech nach do'd.

Srtuppi: an d!Hex,de'höllt eis soss mam Schlapp.

Tuddli: Hie..hief guer kengBang,si..si schnarch t ewe'eng Tromm.

Drulli: Prinzessin:komm du muss hei durch dat Lach.

Goldherz: Ann dann eraus an d'Freihét,hém op d'Schlass.O Papa,Mama, Evelyne,ech kommen.-So hâten d'Engelcher mir et versprach,dé déis du gescheckt ha'd H errgott,mech ze tréischten.

Struppi: Göff uecht dass du net ustéiss mam Kapp.

Goldherz: O merci...ma dat wer bet schlemm.Et gét jo hém bei d'Mama-

Drulli: Fir d'escht bei eise Kinnek,Prinzessin Goldherz.(Goldh.of)

Struppi: A jiddem Fall.-Hei Drulli,dass elo un dir...an dann um Tuddli-
(Drulli of)

Tuddli: (mecht eng lang N ues)Bää,..du...du frech Hex.Lo,lo,ka kanns du deng Kâtze britt selwer schluppen-

Srtuppi: Jé,komm se'er mat denger Luch.t,mach se'er.

Tuddli: Ma; ma wât ass -A vun demKi..Kinnek get et eng gu..gudd Drep. ...mmmm

3.Akt

Bühn : a m Bösch,en Tro'n fir de Wich telkinnek.-4 Wichtelch er,de' Fränzli,du Wenzeli,de Ruppi an de Struppi setzen rondöm de Dösch Kinnek.)

Fränzeli: Wéi setzen mir eso' tra ureg hei,wo' mir de Metteg feiere sollten.

Wenzeli: D'soll é net mengen,Kinnek datt dei Geburtsdâg wier-

Ruppi: Nén,nén,so'en ârmen Kinneksdâg hun ech nach net erliewt.

Kinnek: Ma Kanner hiewt Gedold. Dir wösst dach, datt den Drulli, de Struppi an den Tuddli félen,... a brengen si d'Prinzessin Goldherz mat, jo, da könnt dir feieren.

Stuppi: Du häss mech och solle mat goe lossen.

Kinnek: Hei eise Klengsten, eise Stippeli,.. dé geng eso' guer d'Hex Spannewöll net ferten.

Fränzeli: Ech och net, Kinnek, ech ge'f se mausdo't schloen mat engem Knöppel.

Wenzeli: O hei, we' dichteg. Mengs du dann vleicht, d'Hex geng dech mache lôssen? Da misst én se schon fe'sselen an ersche's-sen.

Ruppi: Hm, nén ech wés et besser. D'misst én se an en deischtert lach spären, an do erhengere lôssen.

Kinnek: (lâcht) Déi arem Hex, wann dei iech ennert d'Fangeren kéim; Ma eppes soen ech och. Wann sie der Prinzessin Goldherz e Léd gedon, dann muss s'et be'ssen, da recke mir hier op de Pelz.—An ass et dann och wirklech wo'er, dass d'Evelyne fortgang ass?

Fränzeli: Jo Kinnek. D'wollt net méi bleiwen. Ech hu keng Ro' méi, sôt et, ech gin op d'Schlass der Gräfin mellen, datt d'Wichtelcher de' kleng Prinzessin retten.— An ech hun et jo och verdingt, wann si mech gudd bejeitzt.-

Kinnek: Dat aremt Kand, we' soll et him ergange sin?

Wenzeli: D'hätt solle wârden, bis d'Prinzessin hei gewiescht wier.

Ruppi: Ma jo gewöss, de' Kanner hun och keng Gedold.

Kinnek: Dat so dit eso'. Et ass dach secher sche'n, datt hat der Gräfin Tro'scht wellt droen, an hirem gro'sse Léd.- O hei dohannen, wat gesin ech do?... eng Lucht.. dat sin se.... Gott sei Dank.

Stuppi: (gét kucken) D'ass wo'er... o Jung, wat get dat elo eng Knuppefréd.

Fränzeli: Den Tuddli vir op. Kuckt ewe' e wenkt.

Wenzeli: An hannendrun de' kleng Prinzessin Goldherz.

Stuppi: Ma dat ass nawel grad eng herzeg lew.

Ruppi: Sief ro'eg, Tôpert, dat sie dech net he'ert.

Tuddli: (könnt virop) Gu..gudde Muergen alleguer.

Drulli: Hei brengen mir d'Prinzessin Goldherz.

Goldherz: Bonjour Här Kinnek, dir le'w Wichtelcher. Ech sin gerett, erléist aus gro'sser Nuet, an dir le'w Wichtelcher hut mir gehollef. Wéi soll ech iech dach merci son. O wat wär aus mir gin, o'ni iech? D'ass jo net auszedenken...

Kinnek: Vergiésst elo dat Schlömmt, Prinzessin Goldherz. Wann én an gro'sser No't, dann hellefe mir gär, an duebel si mir fro' datt mir dech rette konnten... D'Hex SpanneWôll de' kritt hir Britt. Mir machen hir elo hirt d'Liewen sauer.- Wat meng dit dovun Wichtelmänner all?

Wichtelcher: Jo, Kinnek, jo, mir sin derbei.

Goldherz: Si huet eso' ellen hart gelacht, a mir mei Fuedem durchgerappt, ech ziddre nach, wann ech drun denken. O gudde Wichtelkinnek, weis mer gleich de Wé op hém, do wärden s'an der Suerg sin an am Léd. An d'Evelyne gesin ech och net hei?

Kinnek: Nén, kleng Prinzessin, d'ass hémgelaf, der Gräfin wollt et mellen, datt mir deng Spur entdeckt hun an dech rette wollten.

Goldherz: Ma wéi könnt d'Mama dann elo heihin?

Kinnek: Alt méi we' secher. Mach eis duerfir de' Fréd a bleiw e besschen hei.- Vleicht kommen s'allebe'd geschwönn.- Ma we' ass dat, de Struppi félt, a wo stecht dén dann nammel?

Drulli: Ech wéss et net, Här Kinnek; önnerwé war hien op émol verschwonnen, gett uecht, dén huet erem eng am Schlau.

Kinnek: Dén ale Lussert,- en hätt dach haut seng Tricken op der Seit könne lôssen.

Fränzeli: Wo hien jo wosst, dat mir elo feiere sollten.

Tuddli: Här Kinnek, soll ech emol eng gu..gudd Fläsch erophuelen?

Kinnek: Dat kanns de machen, Tuddli, déi bescht breng, de's de fönns.

Wenzeli: Solle mir dann elo eist Liddchen sangen?

Kinnek: Ward nach eng Grimmel;- De Struppi wellt mer net aus de Gedanken;- Gar senger wann e kennt.

Ruppi: O warden, ömmer warden,.. an dat soll mir e Kinneksgeburtsdag sin.

Goldherz: Geburtsdag.- Hu dir Geburtsdag, gudde Wichtelkinnek, da gratule'eren ech vun Herzen.

Kinnek: Merci, mei Kand. Gescht sollte mir scho feieren, dach waren mir em dech voll Angscht a Suerg.

Goldherz: Voll Suerg öm mech? O, dir le'w Wichtelmänner, hun ech dann och eso' vill Suerg verdengt?

Kinnek: Nu hâl mer awer op. Wéi konnte mir da sangen, ausgeloss sin, wo',mer dech an d'Evelyn am Misär wo'ssten?.. Haut ass dat schon eng aner Sach, haut si mir all vun Herze fro', dass du der Hex entwösche konns.- Ma, we' peift dann do? Ass dat den Tuddli schon mat senger Fläsch?

Stuppi: (gét kucken) Här Kinnek, dass de Struppi; get him keng uereg Strôf. (Struppi könnt eran a peift)

Kinnek: Bass du endlech do, du Trenteler? Ass dat erlabt, muss alles op dech warden? Wo' kenns de nemmen hir?

Struppi: Ma vun dem Pötz. Ech hun d'Hex dran ersof, Här Kinnek.

Kinnek: Wat hues du? Mach keng faul Witzen.

Struppi: Ma wann ech et jo soen,- d'Hex Spannewöll de' leit am Pötz.

Kinnek: So Struppi, du wéss jo dat ech so dommt Geschwätz net ausstoe kann.

Struppi: D'ass och kén dommt Geschwätz, d'ass alles wo'er. Ech hat e puer Bananenschuelen fonnt am Pâd. Abé, de' hun ech der aler Spannenhex dur op d'vischt Dîr geluegt,.. derniewt ass jo just de Pötz... dohannert hun ech mech verstoppt... hei gong och gleich d'Hausdîr schon op. Dén âlen Drach stong do ze lâchen: "Hähähä, da lôsse mir kucke gon, wéi eisem Prönzekand déi gudd Frächebritt geschmacht huet;" Si mecht e Schre'ck, rötscht aus, a plumps, berdauz, leit si am Pötz,...ganz firchterlech huet si gejaut.. an ech net faul, ech hun den Deckel drop gekracht.. ech hât eng Schno'er an der Täsch, eng gudd solid, domat hun ech den Deckel festgestreckt fir d'escht ronderöm de Pötz an du nach un en decke Bäm.

Kinnek: D'ass dach net me'glech, Struppi,- dât häss du ganz eleng gemâch,.. kuck wann et wirklech woer wär..

Struppi: Här Kinnek, d'ass wo'er - d'Hand op d'Härz.

Drulli: Dann hues du dech dofir eweggeschlach?

Struppi: Ma jo gewöss. Hun ech dann net gudd gemach?

Fränzeli:Du bass dé beschten dach, da könne mir lo secher feieren.

Ruppi: Vive eise Kinnek. Alleguer: Vive, Vive, Vive.

Kinnek :A vive d'Prinzessin Goldherz;- Alleguer: d'Prinzessin Goldherz, vive.

Stuppi: A vive den Hexeméschter Struppi;- Alleguer: Jo vive de Struppi

Tuddli: Här Ki..Ki..Kinnek, de' d'Fläsch ass ausgelâf.

Kinnek: O wat du Schnekert, hues du se ganz eleng gepötzt? Tuddli, Tuddli, mach datt ech dech net muss matt den O'eren huelen.

Tuddli: Här Ki..Kinnek, de Frän,..Fränzeli heut nach eng a-aner gudd Fläsch, de' ass fir iech.

Fränzeli:Du^âle Maulert do.

Tuddli: An, jo, jo an den St..Stuppi huet nach e Bu..Buki Bl ummen.

Stuppi: Bass du wuel ro'eg, muss du dann alles soen.

Kinnek: Nujé, hei get elo net gestridden,- ech hu gemengt, dir we'sst nach e sche'nt Liddchen?

Wichtelcher sangen op de' Weis: Wer hat die Blumen denn erdacht:

1. Eise Kinnek, dé soll liewen, lôss mer he'ch eis Glieser hiewen,
   Kinnek bleiw nach lang gesond, ruffe mir matt Hârz a Mond.

2. Kuck deng Wichtelcher, de' dengen dir mat Fréd, an duerfir brengen
   si déi bescht Gléckwönsch dir, Kinnek, jo, mir hun dech gier.

3. Lôsst mer haut eis net lâng ploen, an e flotten Dänzchen wo'en,
   sange, sprange, bis an d'Nuecht, d'Stäre hâlen fir eis Wuecht.

(iwerdém kommen d'Grâfin an d'Evelyne)

Gräfin: A wat ass hei dann lass? O wat eng löschteg Band.

Goldherz: Meng Mamachen. (d'léft hir an d'Arm)

Gräfin: Mein énzegt le'wt Goldherzchen. Hun ech dech endlech dach erem.

Goldherz: O sief net béis méi, Mama, ech gin nie, nie meé vun dir fort.

Gräfin: We' soll ech be's dir sin, mei Kand, nén, ech sin iwergleckleh dech erem ze hun.- Béis sin ech nemmen iwert d'Evelyne.

Goldherz: O Mama, nén et wor meng Schold, ech war dem Evelyne fortgelâf, sief och net streng mat him. Wo' ass et dann? Do stét et jo (gét bei et) Mein Evelyne, so kanns du mir verzeihen. (d'Evelyne kreischt) Nu kreisch och net. D'ass dengem Goldherzchen jo neischt geschitt, an de' béis Hex ass do't. (d'Evelyne kreischt nach ömmer, d'Goldherz fe'ert et bei d'Gräfin)
O Mama sief dem Evelyne rem gudd, kuck we' et kreischt, et le'sst sech guer net tre'schten. Lôss d'Evelyne mir erem eng Schwöster sin.

Gräfin: Nu gudd. Dann ass dem Evelyne och verzi'en (lét hir Hänn zesummen) bleiwt ömmer eso' trei. Ma dett behâlt/ Och wann én net vill félt, kann én Schlömmes dach verschölden. Sitt duerfir brav a wölleg Kanner, dann hut der och ert Onrecht gudd gemach.

Kinnek: So' ass et richteg. De' sche'nen Dag hei, wert ech a mengem ganze Liewen net vergiessen. We' hu mir de' 2 Kanner fro' gemach an Iech och, Madam Gräfin. Mir hellefen gär wo' d'Onschold ass an d'Not, a wönschen Iech zesummen Gléck a Fréd;- A well mir lo um Feiere sin, do sangen meng kleng Wichtel nach é Liddchen: (d'Wichtelcher sangen mat entsprechend Bewegungen op d'Weis vun: Mit dem Pfeil dem Bogen:

1. Mir sin de' kleng Wichtel aus dem gro'sse Bösch
   ömmer gär zu Dengschten, ömmer fro' an fresch;-Refr. tralali,tralala
2. Schaffen déif am Buedem, gruewe bis an d'Nuecht
   wât mir eis do huelen, dass de Stén an d'Kuel.-Refr.
3; Mir hu guer keng suergen, sin eng löschteg Zort,
   ze'e fro' doruechter, ömmer weider fort.-Refr.
4. Ass e Kand am Ongléck, si mir gleich bei Hand
   fir ze hell'fen ganz fléck, mân nés fro' dat Kand.-Refr.
5. Mat dé Vullen sangen, datt et weithin schâlt,
   mat den Huesen sprangen, fro' si mir all Dâg.-Refr.

.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.-.